N°3368
Entrée le 19.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3368 vum 19. Dezember 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

*1. Opgrond vu wéi enge Krittäre goufen d'Leit refuséiert?*

Den CRCC ass en « établissement hospitalier spécialisé en réhabilitation physique et post-oncologique ». D'post-onkolgesch Rehabilitatioun ass an der Annexe 2 vum Spidolsgesetz vum 8. Mäerz 2018 definéiert an ass en nationale Service. Am Kader vun der post-onkologescher Rehabilitatioun hëlt den CRCC onkologesch Patienten op, déi vun enger stationärer Rehabilitatioun vu maximal 30 Deeg an / oder vun enger Rehabilitatioun am « Hôpital de jour » vu maximal 10 Deeg profitéiere kënnen. Dëst setzt viraus, dass de Gesondheetszoustand vun de Patienten et zouléisst sech an eng aktiv Rehabilitatioun ze engagéieren déi hinnen erlaabt innerhalb vun der Maximaldauer déi am Artikel 82, Alinea 6 vun de Statute vun der Gesondheetskeess (CNS) virgesinn ass, e gesondheetleche Benefice aus der Rehabilitatioun ze zéien.

Fir dëst ze determinéiere bezitt sech den CRCC op medezinesch Krittären déi sech op *d'Classification Internationale du Fonctionnement, du Handicap et de la Santé (CIF)* baseieren. Den CIF ass e Referenzkader vun der Weltgesondheetsorganisatioun an evaluéiert dem Patient seng Capacitéiten a seng Restriktiounen a sengem Liewensëmfeld. E completéiert *d'Classification Internationale des Maladies (CIM)*.

Bei der Majoritéit vun den 805 Ufroen déi den CRCC an de Joren 2023 bis 2025 fir eng Rehabilitatioun no enger Kriibsbehandlung kritt huet, konnt esou, op Basis vum medezineschen Dossier a wann néideg duerch eng Consultatioun, eng individualiséiert Rehabilitatioun ugebueden a realiséiert ginn.

10% vun den Ufroe goufe refuséiert mat der Recommandatioun vun enger Alternativ. Bal d'Hallschent dovun (46%) huet Patiente mat engem geriatresche Profil betraff, bei deenen eng *Rééducation gériatrique* wéi si am Hôpital Intercommunal Steinfort (HIS), am Centre hospitalier Emile Mayrisch (CHEM), an den Hôpitaux Robert Schuman (HRS) oder am Centre hospitalier du Nord (CHdN) ugebuede gëtt an déi bis zu 2 Méint däerf dauere, besser indiquéiert ass. En ze schwaachen oder ze fragille Gesondheetszoustand vum Patient, deen eng aktiv Readaptatioun wéi se am CRCC ugebuede gëtt net erméiglecht, souwéi kognitiv Problemer vum Patient, fir déi den CRCC net ausgeluecht a qualifizéiert ass, ware mat respektiv 12% an 13% déi zwou aner Haaptursaache fir eng Reorientatioun. Gréisser Häerzproblemer, Ofhängegkeet vu Substanzen an neurologesch Problemer gehéieren zu de weideren Ursaache vir déi eng Prisen en Charge am CRCC net induzéiert war.

*2. Bidden d'Strukturen am Hôpital Intercommunal Steinfort an am Rehazenter déi nämmlecht Prestatiounen an der nämmlechter Qualitéit un, wéi am Centre de Réhabilitation Château de Colpach?*

Den HIS, den CRCC an de *Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation (Rehazenter)* bidde jeeweils ënnerschiddlech Prestatiounen un.

Wei an der Äntwert op d'Fro 1 ernimmt, bitt den HIS d'"Rééducation gériatrique" un an d'post-onkologesch Rehabilitatioun, als nationale Service, ass ausschliisslech an engem *établissement hospitalier*

*spécialisé en réhabilitation physique et post-oncologique* erlaabt, fir deen den CRCC eng Autorisatioun huet.

De Rehazenter exploitéiert, geméiss dem Artikel 5, Paragraphe 3 vum Spidolsgesetz de nationale Service vun der *rééducation fonctionnelle* a gëllt dobäi als *établissement hospitalier spécialisé en rééducation fonctionnelle*.

*3. Wéi vill Patient:innen goufen an deene leschte Joren an auslännesch Etablissementer geschéckt?*

Dës Fro kann net beäntwert gi well et net méiglech ass tëschent der post-onkologescher Rehabilitatioun no der Kriibsbehandlung an der Kriibsbehandlung selwer ze differenzéieren.

Lëtzebuerg, den 19. Januar 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez